N°1521
Entrée le 16.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 1521 vum 15. November 2024 vun der Madamm Deputéiert Liz Braz iwwer de Parking CFL Belval**

Déi honorabel Deputéiert stellt Froen iwwer de Parking vun der CFL um Belval.

Déi genannte Problematik ass besonnesch op de grousse Succès vum Parking - a sou mat senger héijer Auslaaschtung zeréckzeféieren. Et ass nämlech esou, dass déi maximal Kapazitéit vum Parking säit Woche reegelméisseg erreecht gëtt.

Des Weideren, huet de Brand vum 20. Februar zu enger Reduktioun vun de verfügbare Parkplaze gefouert, an et gëtt aus Sécherheetsgrënn keng Méiglechkeet fir d'maximal Kapazitéit vum Parking fir weider Notzer*innen eropzesetzen.

Déi observéiert Schwieregkeete sinn deemno net op den neien Zougangssystem zeréckzeféieren.

Am Géigendeel, huet dëse System et erlaabt, fir nei Fonctionnalitéiten anzeféieren, wéi z.B. d'Liese vun den Nummereschëlder, d'gratis Parke fir Notzer*inne vun ëffentleche Verkéiersmëttel an/oder der doucer Mobilitéit, souwéi och d'Online-Bezuele vum Parkticket fir déi aner Notzer*innen.

D'Notzungsreegelen hu sech fir Abonnementer säit der Aféierung vum neie System net verännert. Den eenzege Changement ass, dass d'Abonnementer nëmmen nach online ausgestallt ginn.

Follgenden Tableau féiert déi duerchschnëttlech deeglech Auslaaschtung vum Parkhaus zënter der Aféierung vum neie System an der Gratuitéit op:

| Mount | duerchschnëttlech deeglech Auslaaschtung (Méindes-Freides, ouni Feierdeeg) | maximal Kapazitéit | duerchschnëttlechen Auslaaschtungstaux | Remarque |
|---|---|---|---|---|
| September 2023 | 429 | 1 611 | 26,64% | zënter der Aféierung vun der Gratuitéit den 18.09.2023 |
| Oktober 2023 | 618 | 1 611 | 38,34% | |
| November 2023 | 813 | 1 611 | 50,48% | |
| Dezember 2023 | 713 | 1 611 | 44,25% | |
| Januar 2024 | 840 | 1 611 | 52,16% | |
| Februar 2024 | 955 | 1 589 | 60,09% | zënter dem Brand den 20.02.2024 si just nach 1.283 Plazen disponibel |
| Mäerz 2024 | 1 026 | 1 283 | 79,99% | |
| Abrëll 2024 | 1 070 | 1 283 | 83,40% | |
| Mee 2024 | 1 077 | 1 283 | 83,92% | |
| Juni 2024 | 1 160 | 1 283 | 90,39% | |
| Juli 2024 | 993 | 1 283 | 77,39% | |
| August 2024 | 755 | 1 283 | 58,87% | |
| September 2024 | 1 109 | 1 403 | 79,07% | No der partieller Re-ouverture sinn nees 1.403 Plazen disponibel |
| Oktober 2024 | 1 230 | 1 403 | 87,66% | |
| November 2024 | 1 397 | 1 403 | 99,60% | bis den 28.11.2024 |

Stand 18.09.2023

Mat der Aféierung vum neie System am Parking, gouf follgend maximal Unzuel un Abonnementer definéiert:

- Fir Firmen: 550 Abonnementer
- Fir Privatleit: 600 Abonnementer

Nom Brand vum 20. Februar 2024 war d'CFL awer gezwongen dës Unzuel un Abonnementer no ënnen ze revidéieren, soudass haut follgend maximal Unzuel un Abonnementer disponibel sinn:

- Fir Firmen: 500 Abonnementer
- Fir Privatleit: 500 Abonnementer

Stand vum 29. November 2024 si 481 vun de 500 Abonnementer fir Firme verginn. Fir d'Privatleit si keng weider Abonnementer disponibel.

Et sief nach emol un d'Finalitéit vun dësem Parking erënnert, nämlech, dass d'Notzer*inne vun ëffentleche Verkéiersmëttel an/oder der doucer Mobilitéit am Kader vun der Multimodalitéit, d'Méiglechkeet hunn, gratis do ze parken.

An den allgemengen Notzungsbedengunge vun der P&R CFL-App gëtt och däitlech drop higewisen, dass den Ofschloss vun engem Abonnement keen Urecht op eng garantéiert Parkplaz

gëtt, well d'Roll vun der CFL op enger renger Mëttelverpflichtung berout. Et ass also keng Entschiedegung fir Abonnente*inne virgesinn, déi keng Plaz am Parking kréien.

D'CFL ass awer beméit fir d'Unzuel u méiglechen Abonnementer am Verhältnis zu der dagesaktueller verfügbarer Plazkapazitéit sou ze steieren, dass d'Chancë maximéiert ginn, dass méiglechst vill Abonnenten*innen eng Parkplaz fannen.

Dofir huet awer missten d'Zuel vun de verdeelten Abonnementer esou ugepasst ginn, dat et en Equiliber vun de fräi zougängleche Stellplazen tëscht de verschidde Clientskategorie (Abonnementer, Notzer*inne vun ëffentleche Verkéiersmëttel oder Geleeënheetsnotzer*innen) besteet.

Lëtzebuerg, den 16. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes